

No vill Opreegung a Kritik

2 al Haiser zu Hengescht awer net ofgerappt, mä klasséiert

De Fait, dass zwee al Haiser zu Hengescht sollten ofgerappt ginn, huet fir vill Diskussiounen gesuergt.

Leschten Update: 01.04.2017, 07:20:36

33 Commentaire(n)

E-Mail schécken

Printen

Recommend 305

Tweet

G+

Links

AUDIO: Haiser zu Hengescht / Reportage Guy Arendt

Schreiwes Déi Gréng

Themen

Kultur

Lëtzebuerg: Am meeschte gelies

Haut Gësch Dës Woch Lescht Woch

1. Télévie 2017: Et gëtt weider fläisseg gespent!
2. 6 Leit goufen erwëscht: Abroch a Crèche zu Buerschent, 3 Leit verhaft
3. Police sicht no Zeien: Männer klaue Bankkaart a kafen um Wandhaff an
4. Schëfflenger Pompjeeën hu geläsch: Auto a Brand op der A13 - Et blouf beim Materialschued
5. Bartreng: Alkoholiséierte klëmmt iwwer Bau-Gerüst op Kierchtuerm



Elo sollen déi zwee Gebaier aus de Joren 1792 respektiv 1857 stoe bleiwen a klasséiert ginn.

D'Prozedur fir de Klasement vun den Haiser gouf dës Woch lancéiert a si dierfen domat bis op Weideres net méi ofgerappt ginn. De Staatssekretär am Kulturministère Guy Arendt huet eis dat confirméiert.

Firwat elo eréischt déi Decisioun? De Guy Arendt seet, et hätt ee gesot kritt, et wär schonn alles ofgerappt ginn. Nodeems dat awer kontrolléiert gouf a just en Niewegebai ofgerappt war, ass d'Decisioun gefall, fir d'Haiser ze klasséieren.

D'Haiser waren 2013 am Kader vun den Aarbechte fir den neie PAG als schützenswäert identifizéiert ginn. Enger Circulaire vum Innenministère no ginn d'Gemengen invitéiert de Service des Sites et Monuments ze informéieren wann Ofrapp- oder Transformatiounsaarbechte fir schützenswäert Gebaier ugefrot ginn. Dat war awer an dësem Fall net geschitt, sou de Guy Arendt.

Tel quel kann de Bauprojet elo net zu Hengescht realiséiert ginn, mä e kann awer ëmgeännert ginn, fir datt awer en neie Logement do kann entstoën.

De grénge Klierfer Conseiller Jacquot Junk hat op Facebook geschriwwen, datt de Staatssekretär Guy Arendt decidéiert hätt, déi al Ardennerhaiser als „monument national“ ze klasséieren.



Jacquot Junk
about 3 weeks ago



Déi Gréng Cliärref si frou, dass mir et fäerdeg bruecht hunn, dass déi 2 Haiser um Knapp zu Hengescht elo net wäerten ofgerappt ginn, well duerch eng "question parlementaire urgente" vun eise gréngen Deputéierten Claude Adam & Gérard Anzia, de Staats-Sekretär Guy Arendt d'Décisioun geholl huet fir se elo als "monument national" ze klasséieren.

PS : Déi lescht Woch war just ee Niewegebai ofgerappt ginn (dat war op de Biller vun Tele Lëtzebuerg ze gesinn)

D'Photo ass den 28.3.2017 vu mir gemaach ginn.

61

13

18

D'Ofrappe vun den Haiser hat jo fir vill Opreegung a Kritik gesuergt. En Appartementshaus sollt an d'Plaz kommen.

An enger dréngender parlamentarescher Fro e Mëttwoch haten déi gréng Deputéiert Claude Adam a Gérard Anzia Detailer gefrot an och d'Demande gestallt, ob een d'Ofrappaarbechten net direkt misst stoppen an d'Haiser schützen.

Déi zwee betreffen Haiser gehéieren zu den eelsten Ardennerhaiser am Éislek.





© RTL Télé Lëtzebuerg/Christophe Hochard

« Zréck

Weider »

Sauvegarde du Patrimoine asbl - Presse - Info: Häuser in Heinerscheid gerettet - Dank an Regierung

Forderung: Abrisse von Häusern älter als 70 Jahre nur noch mit Zustimmung des Kulturministers

"Die Häuser in Heinerscheid sind gerettet - die Bürgerinnen und Bürger der Gemeinde Clervaux haben sich durchgesetzt. Der Dank gilt Staatssekretär Guy Arendt, der die Häuser nun unter nationalen Denkmalschutz setzen wird", erklärt der Vorstand der Sauvegarde du Patrimoine asbl zu den erfreulichen Ereignissen des heutigen Tages.

Um solche Beinahe-Katastrophen wie in Heinerscheid in Zukunft zu verhindern fordert der Denkmalverein folgendes:

Bürgermeister sollen Abrissgenehmigungen bei Häusern, die älter als 70 Jahre alt sind, nur noch nach Zustimmung des Kulturministers erteilen dürfen.

Dieses Verfahren sichert, dass der nationale Denkmalschutz effektiv greifen kann. Da es sich dabei um nur rund 3 Prozent aller erteilten Abrissgenehmigungen handelt, wäre das Verfahren auch bürokratisch machbar. "Und von diesen 3 Prozent sind auch nur ein Drittel dann national schützenswert, also insgesamt 1 von 100 Abrissgenehmigungen. Für die Promoteure bleiben immer noch 99% übrig", erklärt die Sauvegarde du Patrimoine.

"Genau wie Emile Eicher sind wir der Meinung, dass die Kompetenz für den Denkmalschutz auf nationaler Ebene liegt - bei den Experten des Kulturministeriums und des Denkmalamtes."

Die Debatte um die Abrisse in Heinerscheid, die in Medien und Sozialen Netzwerken intensiv geführt wurde, hat der "Sauvegarde du Patrimoine" 34 neue Mitglied in zwei Wochen beschert. Die Vereinigung hat nun in 74 der 104 Gemeinden des Landes aktive Mitstreiter, die ein Auge auf das Patrimoine werfen und Zerstörungen melden.

Die Vereinigung erhält keinerlei staatlichen oder gemeindlichen Zuschüsse, anders als etwa etliche Umweltverbände.